



Lëtzebuurger
Guiden a Scouten

Annexe: Montée bei de Lëtzebuurger Guiden a Scouten

D'Montée bei de Lëtzebuurger Guiden a Scoute ass traditionell am Ufank vum Aktivitéitsjoer an ass den Iwwergang vun enger an déi aner Branche, respektiv bei den Biber d'Ophuelen d'Guiden- a Scoutsgemeinschaft. Et ass dee Moment, wou all Guide oder Scout kann op dat zréck kucken wat hien erlieft an erreecht huet a mat Virfreed op dat kuckt wat kennt.

D'Montée besteet aus 3 Momenter, déi net onbedéngt zum selwechten Zäitpunkt musse stattfannen.

- E Moment fir Äddi ze soen: Déi aal Branche seet hiren Eelsten Äddi.
- E Moment fir ze Féieren: Déi nei Branche begrüsst hier nei Memberen.
- E Moment fir zesummen ze wuessen: Et entstinn nei Truppen, déi sech musse fanne fir dono kennen d'Wärter vum Guidismus a Scoutismus zesummen ze entdecken a ze liewen.

1. E Moment fir Äddi ze soen

Während mindestens engem Joer huet eng Trupp zesummen sou Munches geleiert, erschafft an erlieft. No dësem Guiden- a Scoutsjoer verloossen een oder och méi Memberen d'Branche, well si den Alter erreecht hunn, fir bei déi méi aal Branche ze kommen. Dëst ass de Moment fir op dat zréck ze kucken wat een zesummen erreecht huet. D'Guiden a Scoute kennen sech hirem Fortschritt bewosst ginn an dës soll Wäert geschat ginn. Et ass awer och de Moment wou ee Frënn Äddi seet, déi ee lo net méi all Woch an de Versammlung gesäit.

Oft huelen sech d'Truppen um Camp Zäit fir dës Moment. E kann awer och an enger Versammlung am Ufank vum Aktivitéitsjoer seng Platz hunn.

Lëtzebuurger Guiden a Scouten

ProgrammEkip

5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg

lgs.lu - Email : programm_ekipp@lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux

**VOYAGES
VANDIVINIT**
petit Reason met Obel

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
A LUXEMBOURG
1899



Lëtzebuurger
Guiden a Scouten

2. E Moment fir ze Féieren

E grouse Moment fir all Guide oder Scout ass et, wann en dierf d'Branche wiesselen. Dëse Moment soll zesumme geféiert ginn an déi grouss Verännerung fir déi Jonk soll Spaass maachen, perséinlech sinn an eng schéin Erënnerung fir jidderee ginn. An deem Kader kann z.B. dann och de neie Foulard iwwerreecht ginn.

Dëse flotte Moment notzt déi aal Branche och fir hier nei Membere wëllkomm ze heeschen a sech zesummen drop ze freeë wat kennt.

Dëse besonnesche Moment soll vun de Jonke fir déi Jonk preparéiert ginn an des Preparatiounen gi begleet vun der Chefekipp vun der respektiver Branche.

All Grupp kann hei seng Traditiounen hunn, ouni ze vergiessen, dass des sech am Geescht vum Guidismus a Scoutismus rëmfannen. All Jonke soll d'Montée am vollste Vertrauen a seng néi Trupp a Chefekipp erliewen an an deem Sënn soll et op kee Fall eng Muttprouf sinn. All Aktivitéiten sinn de Fähegkeeten vun de Neien ugepasst, esou wéi dat an eise Methoden verankert ass. Si respektéieren d'Wärd vum Jonken a bidden him d'Méiglechkeet dat néidegt Vertrauen a seng Chefekipp an a seng nei Trupp opzebaue fir dëse grouse Schratt ze maachen.

3. E Moment fir zesummen ze wuessen

Der Chefekipp soll bewosst sinn, dass d'Integratioun vun neie Membere net no der Montée ofgeschloss ass. Des Integratioun ass e Prozess fir déi ganz Trupp a ka sech iwwer Wochen zeien. Hei ass et wichteg, dass d'Trupp eng Gemeinschaft bilt, déi jiddereen wëllkomm heescht a keen ausschléisst. D'Diversitéit gëtt bei de Lëtzebuurger Guiden a Scoute grouss geschriwwen a jidderee soll d'Méiglechkeet kréien, seng Platz ze fannen. Sou entsteet eng Trupp déi prett ass fir Flottes ze erliewen an néi Responsabilitéiten unzegoen.

Lëtzebuurger Guiden a Scouten

ProgrammEkip

5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg

lgs.lu - Email : programm_ekipp@lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux

**VOYAGES
VANDIVINIT**
pari Reason met Obel

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
A LUXEMBOURG
1899